ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2021

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten:

- hélt zur Kenntnis, datt ëmmer méi Impfstoffer géint de COVID-19 zougelooss ginn an datt doduerch, iwwert déi nächst Méint, ëmmer méi Leit geimpft ginn;
- ass besuergt iwwert eng Rei vu Fuerderungen, déi dorop géingen eraus lafen, eng Zwou-Klasse-Gesellschaft ze schafen, an där geimpfte Persoune méi Rechter wéi net geimpfte Persounen hätten;
- decidéiert, weider fir eng solidaresch Gesellschaft anzetrieden;

fuerdert d'Regierung op:

- sécher ze stellen, wann néideg och duerch legislativ Initiativen, datt keng Ënnerscheeder tëschent geimpften an net geimpften Persoune däerfe gemaach ginn;
- dofir ze suergen, datt déi fräiwëlleg Decisioun fir sech impfen ze loossen oder net, keng Auswierkungen däerf op déi individuell Fräiheeten hunn, wéi och z.B. d'Reesfräiheet, a sech an dem Sënn och géintiwwer anere Staaten ze engagéieren;
- ze assuréieren, datt kommerziell Transaktiounen oder Déngschtleeschtungen net däerfe vun enger Impfbestätegung (a wéi enger Form och ëmmer) ofhängeg gemaach ginn;
- datt eng Impfbestätegung (Impfpass) nëmmen däerf vu medezineschem Personal consultéiert ginn, respektiv vu staatlechen Autoritéiten an deene Länner, déi eng Impfung als Konditioun fir eng Arees fuerderen;
- dofir ze suergen, datt beim Remboursement vu Leeschtungen duerch d'Gesondheetskeess keng Ënnerscheeder tëschent geimpften an net geimpfte Persoune kënne gemaach ginn.